ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Nodeems d'Luxemburger Wort an RTL eng Politmonitor-Ëmfro an Optrag ginn hunn, gouf mam Datum vu gëschter (18. November) bekannt, datt 54 Prozent vun de Lëtzebuerger e Referendum iwwert déi nei Verfassung fuerderen. De Prinzip, e Referendum iwwert déi nei Verfassung ze organiséieren, ass iwwerdeems am Koaltitiounsaccord vun den aktuelle Regierungsparteie virgesinn: "Vor der Abstimmung im Parlament und dem anschließenden Referendum organisiert die Abgeordnetenkammer eine Sensibilisierungs- und Erläuterungsphase, um die Bürgerinnen und Bürger über den vorgeschlagenen Text zu informieren."

Am Hibléck op déi nei Erkenntnis, datt 54 Prozent vun de Lëtzebuerger sech e Referendum iwwert déi nei Verfassung wënschen, hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Denkt d'Regierung am Hibléck op déi nei Erkenntnis, datt 54 Prozent vun de Lëtzebuerger sech e Referendum iwwert déi nei Verfassung wënschen, elo driwwer no, awer nach e Referendum iwwert déi nei Verfassung ze organiséieren?
2. Wa jo, wéi gesinn d'Modalitéite vun dësem Referendum aus? Gedenkt d'Regierung et de Leit méiglech ze maachen, just eemol iwwert déi gesamt Verfassung kënnen ofzestëmmen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten